N°922
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Den 21ten Juni war de Generaldirekter vun der Post Invité vun der Redaktioun um RTL. Am Interview sot hien, dass Lëtzebuerg e Land bleift, an deem nach aussergewéinlech vill Bréiwer verschéckt géife ginn. Responsabel fir déi vill Bréifpost wieren hei am Land virop déi staatlech Institutiounen, d'Banken an den Assurancësecteur.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bréiwer verschécke staatlech Institutiounen all Joer, opgeschlësselt pro Institutioun bzw. Verwaltung? Wéi eng staatlech Institutiounen a Verwaltunge verschécken déi meeschte Bréiwer? Wéi vill Bréiwer verschécken d'Gemengen hei am Land pro Joer? Wat ass de gesamte Käschtefacteur fir déi verschéckte Bréiwer, opgeschlësselt no Verwaltung bzw. Institutioun?

2. Wéi vill Bréiwer gi pro Joer vu Betriber a Privatpersounen u staatlech Verwaltungen an Institutioune geschéckt a wéi vill kascht d'Traitéiere vun dëse Bréiwer all Joers de Staatsbeidel?

3. Wéi vill Bréiwer ginn tëscht de Gemengen an de staatleche Verwaltunge bzw. Institutioune verschéckt respektiv tëscht de verschiddene staatleche Verwaltungen an Institutioune selwer? Wat ass de gesamte Käschtefacteur heivun?

4. Wéi huet sech d'Unzuel vu Bréiwer, déi vun enger staatlech Institutioun oder Verwaltung verschéckt goufen, an de leschte Joren entwéckelt, opgeschlësselt pro Verwaltung respektiv Institutioun?

Mat déiwem Respekt,






CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten


www.piraten.lu